

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Wood burners cause nearly half of urban air pollution cancer risk-study*" deen den 3. Januar um Zitt vun der englescher Zeitung "*The Guardian*" publizéiert gouf, heescht et, datt d'Verbrennung vun Holz déi wichtegst Quell fir Feinstëbspartikelen an de Stied duerstellt. Den Undeel deen hei entsteet, läit dem genannten Artikel no wäit iwwert dem Undeel vum Stroosseverkéier, d'Gefierer mat Dieselmotor abegraff. Ausser de Kamäiner, déi a vereenzelte Privathaiser an éischter Linn aus atmosphäresche Grënn genotzt gi fir ze hëtzen, gëtt Holz zu Lëtzebuerg a privaten an ëffentleche Gebaier virun allem a Pelletheizunge verbrannt. An der Äntwert op eis parlamentaresch Fro Nummer 5306 no Pelletheizungen am lëtzebuergeschen Energiemix huet d'Regierung ënner anerem dat hei geschriwwen: "*Zurzäit sinn, an ëffentleche Gebaier vum Staat, konkret 7 weider Pelletheizunge geplangt*".

An deem Zesammenhang géife mir der Regierung nach gär dës Nofroe stellen:

- 1) Sinn der Regierung dës schiedlech Niewewierkunge vu Pelletheizunge bekannt? Wa jo, wéi reagéiert si dorop?
- 2) Op wéi eng Manéier gouf dësen Niewewierkunge vu Pelletheizunge bei vergaangenen Installatiounen an ëffentleche Gebaier Rechnung gedroen?
- 3) Op wéi eng Manéier gëtt dësen Niewewierkunge vu Pelletheizunge bei den aktuellen Installatiounen an ëffentleche Gebaier Rechnung gedroen?
- 4) Wéi eng Quantitéit un Äschen entsteet zu Lëtzebuerg all Joers duerch den Asaz vu Pelletheizungen an ëffentleche Gebaier? Op wéi eng Manéier ginn se ëmweltgerecht entsuergt?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



Jeff Engelen  
Deputéierten